PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Aktualitéitsstonn iwwert d'Resultater vun der UN-Klima an Ëmweltkonferenzen (COP29 a COP16)

Lëtzebuerg, den 22/01/2025

2

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Zënter dem 1te Januar vun dësem Joer sinn d'Stroumpräisser méi héich ginn, well d'Regierung den Energiepräisdeckel erofgesat huet an d'Stroumnetzbedreiwer gläichzäiteg eng nei Formel fir d'Berechnung vun de Netzkäschten agefouert hunn;
- Zënter dem 1te Januar mussen d'Stroumkonsumenten pro verbrauchter Kilowattstonn een Zouschlag fir d'Stroumnetz bezuelen, wann si iwwert hirem Duerchschnëttskonsum vum viregte Joer leien an dësen Zouschlag benodeelegt grad déi Leit, déi an erneierbar Technologien investéiert hunn an d'Energiewend ënnerstëtzen (11 Cent laut Wort-Artikel 10/1/2025);
- D'Stroumgesetz vum 2007 souwéi ee groussherzoglecht Reglement vum 7ten Abrëll 2022 gesi vir, dass d'Leit hire selwer produzéierte Stroum vun hirer Photovoltaikanlag zu engem staatlech garantéieren Aspeisetariff oder zum Maartpräis an d'Stroumnetz kënnen aspeisen;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. deene Leit, déi Stroum mat hirer Photovoltaikanlag an d'Netz aspeisen, déi selwecht Konditioune fir d'Netzkäschten zouzegestoen, wéi wann si de Stroum konsuméieren.

Marc Goergen